PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/05/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Lëtzebuerg gëtt am Ausland als Vëlosnatioun ugesinn, wann ee sech den Historique vun den ville Coureuren ukuckt, déi eis d'Land op international bekannte Course representéiert hunn. Dëse Ruff spigelt sech awer net an der besteeënd Infrastruktur duer, déi een a ville Stied awer och am ländleche Raum vergeblech sicht.

Mat der waarmer Joreszäit heeft sech d'Unzuel vun de Leit, déi op hire Vëlo zeréckgräifen. Op eng villfälteg Aart a Weis ass et méiglech, de Vëlo a säin Alldag mat anzebannen: fir akafen ze goen, fir moies op d'Aarbecht ze fueren oder fir Weekends en Tour fueren ze goen.

Leit déi mam Vëlo ënnerwee sinn, musse sech natierlech och un d'Reegelen an de Code de la Route halen. Feelen allerdéngs déi néideg Infrastrukturen, geroden Auto- a Vëlosfuerer vermehrt op de Stroosse a Konfliktsituatiounen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Protokoller goufen an de leschte 6 Méint géint Autos-, Camions-, oder Motosfuerer gestallt, déi den 1,5m Ofstand beim Iwwerhuelen vu Vëlosfuerer net agehalen hunn?
   Bei wéi vill Euro lungen dës Protokoller duerchschnëttlech?

2. Wéi vill Protokoller goufen an de leschte 6 Méint géint Vëlosfuerer ausgestallt?
   Wéinst wéi enge Grënn goufen dës Protokoller ausgestallt? (opgelëscht no Unzuel vu Protokoller)
   Bei wéi vill Euro lungen dës Protokoller duerchschnëttlech?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député